Mäertesdag 2026 Usprooch vum PADRE

Léif Memberen aus dem Corps vun der Arméi, mir liewen an enger emmer méi onberechenbarer a fragiler Welt. „Nett méi ganz Fridden, awer nach nett richteg Kriig“, esou beschreiwt de ranghëchsten Generol an Daitschland den Eescht vun der Lag an Europa. Ob Cyberattacken, hybrid Bedrohungen, Sabotageakten : de Kriig an Europa kennt emmer méi no ! Nett fir neischt luuch d'Brochure „LËTZ PREPARE“ viru kurzem an all Bréifboite vum letzebuerger Territoire. Jo, de Fridden an Europa an eis Secherheet sin a Gefoor. An et kann een emmer méi Menschen begéinen, déi beonrouegt sin a sech soen, datt villes an der Weltpolitik an och an eiser Gesellschaft a keng gudd Riichtung leeft an et fillt een sech diem Ganzen ausgeliwert ! An et stemmt: emmer méi Muecht a Raichtum konzentréieren sech an emmer wéineger Hänn, déi iwert d'Liewen vun der Menschheet bestemmen. Gewalt, Terror a Kriig schengen déi nei Mettel ze sin, mat deenen d'Länner op der Welt matenaner verfueren. Diplomatesch Konfliktléisungen, internationalt Völkerrecht gehéieren der Vergaangenheet un. Waat mir zur Zait op der Welt erliewen, daat ass - fir et oppen ze soen - ee fakteschen an dramatesche Verloscht u menschlecher Vernonft, Moral an Empathie ! Et feelt villen u gesondem Menschenverstand ! Mir leiden enert Menschen ouni Gewessen, ouni Häerz a Matgefill ! Déi moralesch Devise „Behandel dai Matmensch emmer esou, ewéi's Du selwer behandelt wills gin!“ ass selten nach eng golden Regel. A waat bedaiten universal Werter nach, wann Rassismus, Fanatismus a Nationalismus weltwait drastesch zouhuelen an och d'sozial Ongerechtegkeeten, Korruptioun an Aggressioun de Fridden an Europa emmer méi zerstéieren ! Wann Europa iwerliewen well, da brauch et erem méi menschlech Vernonft, Moral an Empathie.

Et brauch tescht de Länner an de Menschen an Europa erem méi Verlässlechkeet an Zesummenhalt, méi Menschlechkeet a Solidaritéit ! A fir esou een Europa steet eisen Schutzpatréiner, den HlMäerten. Hien weist de Wee an ee neit Europa! Een Euroskeptiker woor de Mäerten nett, well durch ganz Europa huet sai Liewen hien gefouert an emmer ass et him gelongen, ze iwerwannen, waat d'Menschen a Völker getrennt huet, an hien huet se all an hirer Diversitéit zesummengefouert. Et ass dem Mäerten sain 1. Message haut op eisem Patronatsfest: och d'Liewen an der Arméi brauch Gemeinschaft, an dér mer gäer zesummenkommen an zesummenschaffen, well mir egal wéi een dien aneren brauchen fir staark a resilient ze sin ! An daat bedait: Verantwortung firenaner hun, des Verantwortung matenaner droen a firenaner echt do sin! Jo, et brauch an Zukunft méi ewéi jee ee Corps, dien a senger Diversitéit zesmmenhält, wou een fir dien aneren asteet, ewéi an enger starker, schéiner Famill !

An ee Bild geet bis haut ëm d'Welt a vergesst keen: wou de Mäerten ee Mensch a grousser Nout begéint an helleft; hien follegt sengem Gewessen a mecht daat, waat Häerz a Verstand him soen: hien zerraisst sai Militärmantel an zwee, schenkt d'Halschent diem Hellefslosen a rett sai Liewen virum Doud an der Kält. Déi aner Halschent behält hien, fir selwer secher heemzemkommen bei seng Léifsten ! De Geste vun eisem Schutzpatroun ass ee Ursymbol fir Menschlechkeet a Solidaritéit géint all Egoismus a Gleichgültegkeet. Jo, de Mäerten stellt de Mensch an de Mettelpunkt, seng Wüerd, sai Recht op Liewen an hien lued och eis an, deenen eis Opmierksamkeet ze schenken, déi a Nout geroden sin an an der Gefor, alles ze verléieren. Seng Devise heescht: „Deel dai Mantel“ an sii ass Zeechen fir Anstand an ee Modell fir sozial Gerechtegkeet. Sain Beispill dréit Kraaft a sech all Länner a Menschen an Europa an enger erem méi friddvoller a geseenter

Gemeinschaft zesummenzefëieren, wou menschlech Vernonft, Moral an Empathie erem méi zielen ! Jo, loosst ons sengem Beispill follegen mat Häerz a Verstand, mat Courage an Entschlossenheet ! Wéi géif eise neie Generol soen: Let‘s do it !

Mäertesdâg kucken mer dofir och ganz besonnesch op all Militär, déi sech an desen Zaiten vu grousser Onsecherheet bereet erklären, hir Heemecht an hir Léifsten fir laang Méint ze verloossen an hire Militärmantel ze deelen mat anere Nato-Partner fir matenaner a frieme Länner solidaresch anzestoen fir eis demokratesch Werter. Ouni jidfer eenzelnen vun hinnen, ouni hiren Asaz an hir Bereetschaft alles ze gin bis hin zur eegener Gesondheet an hirem Liewen, ouni d’Ennerstetzung vun hire Léiftsen doheem, déi fir lang Zait elleng mussen eens gin, géif Letzebuerg seng international Verantwortung nett iwerhuelen ! Sii sin d’Häerz vun eiser Arméi. A mir all hei zu Letzebuerg profitéieren vun hirem Engagement an daat verdengt eise déiwen Respekt, eis opriichteg Unerkennung an eis Dankbarkeet aus ganzem Häerzen… a vum Padre ee geseente Porte-bonheur a nett ze vergiessen ee gudde killen Picon-bière virum Départ an d’Missioun ! An daat soll esou bleiwen bis zu mengem leschten Dâg an äerer Mett !

Mäertesdag verbönnt eis awer och mat allen, déi an der Vergaangenheet mat Freed a Stoltz an eise Reien gedengt hun, eis oft Kraaft geschenkt hun eis eege couragéis Schrett ze goen an an hirer Nofolleg munchmol Aussergewéinleches fäerdegzebrengen. Onvergiesslech bleiwen vill léierraïch a frou Stonnen un hirer Saït, prägend bleiwen hird Virbild an d‘Geschenk vun hirer Sympathie a Frendschaft. Sii gehéieren fir emmer zu grousser Famill vun der Arméi, sii gin nett vergiess an mir sin besonnesch dankbar fir hir Präsenz haut op eisem Patronatsfest.

Jo, wann ech an de leschte Méint méi oft op de Wee zreckkucken, dien ech elo iwert 30 Joer mat Iech goen duerft, dann wooren déi schéinste Momenter déijéineg, déi ech zesummen mat onzähleg villen häerzensgudden an dévouéierten Militär an Zivil erliewt hun, Begéignungen an déiwer Vertraulechkeet an Offenheet, Momenter erfellt vu grousser Freed a Léift, ewéi och Momenter voller Leed an Tréinen, awer all bleiwen se onvergiesslech, well se eng eemoleg déif menschlech Verbonnenheet enert eis all geschaafen hun, déi bleiwt fir emmer ! Ech soen allen MERCI , déi mech während all deene Joeren begleed, ennerstetzt, emmer erem nei motivéiert an munchmol och Kraaft geschenkt hun, wann meng eegen um Enn woor. An all dës kostbar Erennerungen wäerd ech dankbar a mengem Häerz behaalen a mathuelen an eng nei Zait, déi mech erwaard. Op desem mengem leschten Mäertesdag als Padre bleiwt et main déiwste Wonsch fir eis Arméi fir déi kommend Joeren: datt Dir niimols daat, waat Dir als Militär hei léiert, gebrauchen musst fir Äerd Liewen an eise Fridden ze verteidegen ! Ech verloossen Iech, awer ech bleiwen Iech emmer a mengem Gebied an a mengem Häerz verbonnen ! Huelt main Nofolger gudd op an Äer Mett ! Ech wäerd him soen, datt als Padre an der Arméi keng leeft ouni „Snickers“ !…An esou wenschen ech ons all ee ganz frouen Mäertesdag bei engem gudden killen Picon-bière, ob dien ech mech haut besonnesch fréën! Let’s do it !

Muer de moien feieren ech eng leschte Kéier am Kader vun de Mäertesfeirelechkeeten d‘helleg Mass am dankbare Gedenken un all Militär, déi hird Liewen am Dengscht vun eiser Heemecht verluer hun. Sii nett ze vergiessen ass och een Zeechen vu Menschlechkeet an Dankbrarkeet fir hird Liewen an eiser Mett an der Hoffnung sii eremzegesin am Fridden fir d’Eiwegkeet! Sidd wëllkom um 07h15 an der Kapell !

Chanoine Nicolas WENNER
LtCol Aumônier Général